Boismont

Och dëst Joër ass d´Fëschersaison vum Fly Fishing Club Lëtzebuerg zu Boismont an Frankräich um Domaine du moulin neuf ungaangen. Éng fofzéng Memberen haten sech trotz dem schlechten Wieder um Weiher zu Boismont getraff fir zesummen d´Geeschter vum Wanter ze verdreiwen. Schon ewei ech Doheem erausgaangen sin an et gereent huet ewei mat Eemeren, do wousst ech dass et Haut net géif einfach gin. Dun ewei ech den Albert sichen gaangen sin, sin och nach ennerweë sämtlech Luchten op roud gesprongen an spéidstens do wousst ech dass et net mäin Dag kéint sin. Ëmsou verwonnert wor ech, nodeems ech den Albert ofgehol hat, dass ewei mir um Weiher unkomm sin schon d´Fëscherkollegen gudd gelaunt am gaangen woren opzeriichten. Mir haten schon gefuart dass mir géifen erléng Haut fëschen mée dat wor awer wäit gefeelt, ewell bal Keen vun eisen Memberen déi sech am Virfeld ungemellt haten, sech durch dat schlecht Wieder ofschrécken geloos huet. Leider huet et deen ganzen Dag gereent och wann et Moies op Manst zäitenweis nëmmen Fisemreen wor. Ennerweë woren och schon déi kléng Baachen alleguerten héich an d´Crusnes wor schon plazeweis iwwert d´Uwänner gestiegen. Den Weiher selwer wor awer erstaunlecher Weis ganz kloër an d´Waasser hat och net déi gefuarten brong Farw esou dass eigentlech d´Konditiounen guer net esou schlecht woren. Dat sollt awer net heeschen dass et dofir einfach géif gin fir Fësch ze fänken, villméi wor et Haut richtég schwéier. Ewell awer d´Komerodschaft ewei ëmmer ganz grouss gschriwwen gouf an a bee mol och ee puer Fësch gefaangen gin sin, hun d´Kollegen natirlech och deenen anneren Fëscher veroden mat wat, an ewei Sie den Weë zum Fësch fond haten.

Schon, sech an d´Schuel gehäien, wor Haut net esou einfach, huet et dach riicht eran gereent an néierens wor een Ënnerdaach ewou een sech hät kéinten drechen undoën. Mée, eenmol ungedoën, wor et awer guer net méi esou schlëmm, hun mir dach Alleguerten dat richtégt Gezäi fir dem schlechtenWieder ze trotzen.

Ee puer Fëscher woren Haut awer extra gudd drop, esou huet den Dan Haut den „ Fësch vum Dag “ gefaangen, éng déck Reebouforell, mée dodernieft hat Hien och een richtég gudden Dag erwëscht an huet vill Fësch gefaangen.

Och den Patrick, séngersäits een fanateschen drechen Méck Fëscher, huet Haut mam Streamer schéin zougeschloën an mir, Deen teschent deenen Zwee stung, ass méi ewei éng Kéier den Mond opstoën bliwwen ewell et erëm lenks oder rechts vun mir gerabbelt hat.

Ech hat iwwregens, ewei déi vill roud Luchten et schon orakelen geloos hun, een ganz bescheidenen Fëscherdag erliewt an nëmmen mat der symphatescher Hëllef vum Fëscherkolleg, Raymond, Deen mir ee bëssen op d´Sprëng gehollef hat, konnt ech iwwerhaapt een Fësch fänken. Och eisen Bréifdréiher, den Jemp, hat een richtég gudden Dag erwëscht an hat sech säin Jerbsenbulli riedlech verdingt ..... ewoubäi mir beim Jerbsenbulli wären.

Ewei ëmmer wor verloos op eisen Präsident den Jeek, Hien an den Robert woren virgefour fir d´Kollegen ze bekäschtegen. Sie Zwee haten sech extra op den Weë gemeet nëmmen fir eis den Jerbsenbulli duurzereechen an wat soll ech soën, d´Zop wor ewei vun der Mam gekacht an mat Mettwurscht hat den Jeek och net gespuert, séier wor den Reen vergiess an et huet och Keen sech genéiert éng zweeten oder drëtten Kéier unzetrieden fir séng Bol gefëllt ze kréien. Duerno ass et och direckt erëm besser gaangen mam Fëschen och wann d´Bëcken ee bëssen mei schwéier gefall ass.

Och wann eisen Optakt an dat neit Fëscherjoër zimlech an d´Waasser gefall wor, esou hun mir dach ewei ëmmer dat Beschten draus gemeet an hun zesummen een flotten Dag beim Waasser verbruecht. d´Méck vum Dag wor mat Sécherheet den orangen Blop an Dësen ganz lues eran tricotéiert. Et huet een gemierkt dass d´Fëschersaison fir d´Méckenfëscher um Domaine du moulin neuf esou lues erëm zu Enn geet, d´Fësch woren ganz virsichtég an et mierkt een och ganz gudd dass och op dësem Site vill méi gefëscht gët ewei dat sos den Fall wor. Een groussen Nodeel zu Boismont ass leider dass een net eemol kann fir éng Taas Kaffi ënner Daach goën ewell kéng Lodge do ass. d´Kruucherten sin och ewei all Joërs erëm iwwert eis eweg geflunn an hun eis d´Kommen vum Fréijor ungekënnegt. Ofschléissend méngen ech dann dass den Start an d´Saison gelongen ass an elo steet als nächst Aktivitéit, den 12.März op den Weiheren zu Lamadelaine beim Joé, d´Coupe Patrick Riehl um Programm, een Frëndschaftsfëschen an Équipen vun all Kéiers zwee Fëscher déi zesummen geloust gin, dëst am Gedenken un eisen vill ze fréih verstuerwenen Fëscherkolleg den Patrick.